



ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 6. Juli 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister an un den Här Minister vum öffentlechen Déngscht weiderzeleeden.

D'Lëtzebuerger Police huet eleng am Joer 2021 wäit iwwer véier Milliounen Euro ausginn, fir Analysen duerchzeféieren, ewéi een d'Police Grand-Ducal méi effikass gestalte kann an iwwerdeems och der opkommender Digitaliséierung Rechnung droe kann. Leider scheitert et dacks u banale Klenggekeeten, déi verhënneren, datt d'Beamten effikass schaffe kënnen. An deem Kontext huet e Kommissär vun der Police dem zoustännege Service (DTP - Direction des technologies policières) scho viru Méint matgedeelt, datt seng Imprimante net méi fonctionéiert. Offiziell Bréiwer sinn an deem Kontext onbeäntwert bliwwen. Dëst féiert dozou, datt Beamten iwwert e puer Stäck duerch dat ganz Gebai lafe mussen, fir och nëmmen eng einfach Kopie ze maachen oder eppes auszedrécken. Dacks mussen d'Beamten och op d'Imprimanten aus de Vernehmungszëmmeren zeréckgräifen, an, wann dës besat sinn, muss de Policebeamten dacks laang waarden, fir iwwerhaupt kënnen eng Kopie ze maachen oder eppes auszedrécken.

An engem anere Fall huet e Policekommissariat e Laptop, deen un eng Imprimante ugeschloss soll sinn, gebraucht, fir am Kader vun enger Fermeture vun engem Police-Büro senger Aarbecht weiderhi kënnen nozegoen. Bal zwee Joer ass d'Demande vum Kommissariat un d'Verwaltung onbeäntwert bliwwen, esou datt déi zoustänneg Beamten de Laptop schlussendlech aus hirer Kaffiskeess bezuelt hunn.

Grad fir eng Police, déi sech no baussen hin effikass opstelle wëll an zudeem iwwert Personalmangel beriicht, schéngt dësen Zoustand ganz bedauerlech ze sinn.


Et ass dach awer evident, datt d'Verwaltung onbedéngt dofir suerge muss, fir datt d'Policebeamten hirer Aarbecht ënnert de beschtméigleche Konditioune kënnen nogoen an déi uewe beschriwwe Faiten stinn deem jo awer diametral géintiwier.

An deem Kontext hätte mir folgend Froen un d'Regierung:

1. Ass et an den Ae vun der Regierung net onverantwortlech, datt d'Demande vu Policebeamten, fir eng Imprimante ze kréien, fir esou kënnen normal an ouni onnéidegen Zäitverloscht hirer Aarbecht nozegoen, iwwert Méint vum zoustännege Service onbeäntwert bleift?

2. Ass et an den Ae vun der Regierung net onverantwortlech, datt Policebeamte Material, ewéi z.B. e Laptop, wat si onbedéngt brauchen, fir hirer Aarbecht kënnen nozegoen, aus hirer eegener Täsch, respektiv, aus der Kaffiskeess, musse finanzéieren? Wéi ass et an deem Kontext méiglech, datt den zoustännege Service iwwert Joren d'Demande vun de Beamte fir e Laptop onbeäntwert gelooss huet?
3. Wéi ass et an den Ae vun der Regierung méiglech, datt d'Police Milliounen vun Euro ausgëtt, fir Analysen duerchzeféieren, ewéi een d'Police méi effikass gestalte kann, an op der anerer Säit hir Beamte quasi am Reen stoe léisst, wann et ëm Banalitéite geet, ewéi z.B. d'Beschafe vu Material ewéi Imprimanten oder engem Laptop, wat d'Beamte onbedéngt brauchen, fir hirer Aarbecht kënnen nozegoen?
4. Wéi wëll d'Regierung elo konkret virgoen, fir dës Mëssstänn ze behiewen an a wéi engem zäitleche Kader ka mam restlose Behiewe vun deenen uewen opgezielte Mëssstänn gerechent ginn?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten



Fred Keup
Deputéierten